



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomiminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel *"Wir kommentieren keine Gerüchte"*, deen de 24. August am Tageblatt publiziert gouf, heescht et, datt déi amerikanesch Internetfirma "Google" wéinst den héijen Energiepräisser bei der Realisatioun vun hirem Projet vun engem Datenzentrum zu Biissen weiderhin zögert, obwuel se duerch en Urteel vum Verwaltungsgeriicht vum 11. Mäerz dës Joer iwwert déi néideg Rechtssécherheet verfüügt. Weider heescht et, datt déi néideg Etuden zum Ëmweltimpakt souwéi dem Energie- a Waasserverbrauch déi d'Firma selwer muss an Optrag ginn, nach ëmmer feelen. Den Artikel zitíiert dem Här Ekonomiminister säin Haus schliisslech mat der Ausso, datt d'Regierung op d'Zouso vun engem konkreten Delai fir d'Realisatioun vum Projet verzicht, mee datt de Staat iwwert säi Virkafsrecht d'Méiglechkeet hätt, den entsprechenden Terrain vun 33 Hektar gegebenenfalls zum urspréngleche Kafpräis zeréckzekeréien a fir aner ekonomesch Aktivitéiten ze notzen.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:


- 1) Wéi steet d'Regierung zu den allgemengen Aussoen an dësem Artikel?
- 2) D'Energieversuergung vun eise Betriber wäert net nëmmen am Fall Google an den nächste Méint kontrovers diskutéiert ginn. Wéi d'Regierung schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6042 geschriwwen huet, ass net auszuschléissen, datt am Wanter opgrond vun engem Gasmangel déi grouss Betriber mussen zougemaach ginn. Kann d'Regierung matdeelen, wéi déi duerchschnëttlech Strom- an Energiepräisser fir d'Betriber sech säit dem 1. Januar 2021 entwéckelt hunn a preziséieren, wéi eng Gespréicher bis ewell souwuel mat Google wéi allgemeng mat Betriber déi bis ewell d' Intentioun geäussert haten sech zu Lëtzebuerg néierzeloossen, iwwert de Risiko vun engem zäitweiligen Zwangsstillstand gefouert goufen?
- 3) Wéi steet d'Regierung zu der Ausso am genannten Artikel, datt d'Firma Google sech offenbar nach ëmmer net ëm déi néideg Ëmweltimpakt- a Waasserverbrauchsetude beméit huet?

- 4) Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng direkt Käschten dem Staat an domat de Lëtzebuerger Bierger duerch déi laang Verzögerung an déi feelend konkret Zousoen zu engem Delai entstinn? Kann d'Regierung an deem Sënn preziséieren, ob eng separat Rechnung zu den Opportunitéitskäschten erstellt ginn ass, déi doduerch entstinn, datt den Terrain während deem entspriechenden Zäitraum ekonomesch net anerwäiteg ka genotzt ginn a wéi héich dës sinn? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten